N°854
Entrée le 05.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.06.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 4. Juni 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an un den Här Inneminister weiderzeleeden:

*„Den Helikopter beim Nordspidol ass an de leschte Joren dacks zum Asaz komm, virun allem am Éislek. Dat konnt etlech Mënscheliewe retten, zemol an enger Regioun mat enger schwiereger Topografie.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

- *Wéi oft koum den Helikopter beim Ettelbrécker Spidol zanter 2018 zum Asaz?*
- *Wéi vill Flig goungen iwwer eis Landesgrenzen eraus ?*
- *Stëmmt et, datt virgesinn ass, fir mëttelfristeg en anere Site fir den Helikopter ze sichen?*
- *Wéi ass de Finanzement vum Helikopter konkret organiséiert?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten

N°854
Entrée le 09.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Inneminister, Léon Gloden, a vun der Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung, Martine Deprez, op d'parlamentaresch Fro n° 854 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Gusty Graas**

**Fro 1**

Zënter 2018 koum den Helikopter beim Ettelbrécker Spidol 3.105 mol zum Asaz (Stand 13. Juni 2024).

**Fro 2**

Vun deenen 3.105 Flich sinn der 2 iwwert d'Landesgrenzen erausgaang.

**Fro 3**

Et stëmmt, datt virgesinn ass, fir mëttelfristeg en anere Site fir den Helikopter ze sichen.

**Fro 4**

Engersäits ass d'Finanzéierung vun den 2 Helikopter vun der Luxembourg Air Rescue a.s.b.l. (LAR) iwwert eng Konventioun tëschent der LAR an dem CGDIS gereegelt. D'LAR facturéiert dem CGDIS all Mount déi Fluchminutten, wärend deenen d'Helikopter fir SAMU-Asäz ënnerwee waren. De CGDIS kritt déi Ausgaben vun der Gesondheetskeess (CNS) rembourséiert.

Anerersäits kritt d'LAR iwwert eng Konventioun mam Inneministère e järleche Subside an Héicht vu maximal 1.4 Milliounen Euro fir d'Bedreiwe vun dësen 2 Rettungshelikopter am Kader vum Service d'aide médicale urgente (SAMU).

Di 2 Rettungshelikopter goufe rezent vun der LAR ersat. De Staat bedeelegt sech mat 3 Milliounen Euro un der Uschafung vun dësen 2 Helikopter. Eng zousätzlech Millioun Euro gouf der LAR an Aussiicht gestallt, woubäi fir d'éischt eng Analyse vun hirer Finanzsituatioun duerch d'Inspection générale des finances (IGF) duerchgefouert wäert ginn, éier dass dësen zousätzleche Montant ausbezuelt gëtt.

Déi Käschten déi d'LAR net iwwert déi 2 Konventiounen gedeckt kritt, finanzéiert si momentan aus eegene Mëttel, wéi zum Beispill iwwert d'Membersbäitreeg.

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2024
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN